N°4598
Entrée le 07.08.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 07.08.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 7. August 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Konsumenteschutz weiderzeleeden.

Beim sougenannten „Dynamic Pricing" gëtt de Präis vun engem Produit oder enger Déngschtleeschtung automatesch un d'Nofro, d'Disponibilitéit, den Zäitpunkt vum Kaf oder aner Facteuren ugepasst. Dës Praxis ass notamment am Fluch- an Hotelsecteur bekannt a kann och am Onlinehandel oder beim Verkaf vun Tickete fir kulturell a sportlech Evenementer zum Asaz kommen.

Wärend de Konsument bei personaliséierte Präisser, déi op automatiséiert Decisiounen an individuellen Donnéeë baséieren, informéiert muss ginn, besteet keng entspriechend spezifesch Informatiounspflicht fir reng dynamesch Präisser. Fir Konsumente kann et deemno schwéier sinn ze erkennen, firwat e Präis variéiert a wéi laang en ugewisene Präis gëllt.

An deem Kontext géinge mir der Madamm Ministesch follgend Froe stellen:

- Ass d'Regierung der Meenung, datt déi aktuell allgemeng Bestëmmunge vum Code de la consommation duerginn, fir Konsumente géint ontransparent oder onfair Praktike beim Dynamic Pricing ze schützen? Falls nee, wéi eng Lacunne gesäit si?
- Gesäit d'Regierung e Besoin, eng spezifesch Informatiounspflicht anzeféieren, duerch déi Konsumente virum Kaf kloer drop higewise ginn, datt de Präis dynamesch un d'Nofro, d'Disponibilitéit oder den Zäitpunkt vum Kaf ugepasst gëtt?
- Wéi vill Reklamatiounen am Zesummenhang mat dynameschen oder personaliséierte Präisser, Präisännerunge wärend dem Bestellprozess oder Differenzen tëschent dem ugekënnegten an dem effektiv verrechente Präis goufen an de leschte fënnef Joer registréiert?
- Gesäit d'Regierung e Besoin, de Konsumenten den ugewisene Präis fir eng raisonnabel Dauer wärend dem Bestellprozess ze garantéieren, fir Präisännerungen nom Auswiele vum Produit oder der Déngschtleeschtung ze verhënneren?

Mat déiwem Respekt



Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu
lsap.lu

Ben Streff
Deputéierten

Ben Polidori
Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

**lsap.lu**